Bonjour,

Invitatioun fir eis nächst Degustatioun Doneschdes den 12. September 2024
am Restaurant Kohn zu Altwies vun 17.00 bis 21.00 h.

Sou wie och am Juni können d'Wäiner um Stand fräi geschmaacht ginn, a jiddereen ass wëllkomm . Fir ze schmaachen brauch Dir iech net unzemellen an et besteht absolut keng Obligatioun fir eppes ze bestellen.

Fir all déi Leit wou no dem Schmaache wëllen am Restaurant eppes iessen proposéiert Iech de Christian Kohn 2 verschidden Platen:

Spaghetti Chitarra à la bolognese 20,- €
oder
Risotto crémeux aux champignons et julienne de légumes 20,- €

Reservéiert w.e.g. ären Dësch virum Dënschden 10.9.2024

um Tel. 23 66 81 03 / 621 50 10 92

Hei dann d'Wäiner, déi ech ganz kuerz virstellen:

1. Crémant Kinnekskummer , Jeff Konsbrück Winery : Eenzegarteg op der Musel well hei och Pinot Meunier Drauwen mat dran sinn . Am Goût ähnlech wie franséischen Champagner mat relativ doucer Kuelesaier . Ee beandrockende Crémant !!

2. Crémant Riesling Brut, Caves Legill : Genausou wie een et erwaard vun enger Rieslingcuvée: Glaskloer, fein Aromatik, immens frësch an onbeschwéiert, knackeg Kuelesaier an ganz brut , schmacht vun Schlupp zu Schlupp ëmmer besser .

3. Auxerrois Ehnerberg , Kohll-Leuck : Ee vollen dichten Wäin, deen sou richteg säfteg nom Auxerrois schmaacht. Fir mech een ideale Wäin fir den Apéro , e mecht schon nom éischte Patt immens hongereg.

4. Pinot blanc Schenger Markusbierg , Caves Legill : Hei wuessen traditionnell die beschten Pinot blanc Wäiner vun der Musel . Zreckhaalend an diskret, een klasseschen Style , bëssen sou wie fréier , erënnert mech un meng Jugendzäit wann Sonndesmëttes beim Fëschplat eng Fläsch Pinot blanc zervéiert ginn ass.

5. Pinot Gris Ohner Palmbierg , Jeff Konsbrück : Dee beschten Pinot Gris vum Palmbierg kann ee roueg soen, eng Raritéit well et soss keen do gëtt an och ganz speziell duerch di immens Mineralitéit vum Palmbierg . Een exoteschen awer diskreten Pinot Gris mat zarten Aromen vun Hammbier .

6. Pinot Gris Rousemen, Kohll-Leuck : Opulent, direkt an ouni Kompromisser iwwerfällt dëse Wäin d'Geschmacksnerven mat senger typescher Pinot Gris Aromatik vun fruits confits . Eng valeur sûre an ëmmer bei de beschten Pinot Gris'en ze fannen.

7. Grüner Veltliner Kremser Gebling , Alois Zimmermann : goldegiel Faarw, stark Aromatik vun Pijjen , Maracuja a Mango . Eng fein delikat Seier mecht dëse Wäin ganz harmonesch an e besse crèmeg . Passt gut zu asiatescher Kichen .

8. Grüner Veltliner Kremser Rosshimmel, Alois Zimmermann : Eng Top-Lage am Kremstal . Dee grousse Bruder vum Nummer 7, just an allen Hinsichten nach ee Crac besser . Kann normalerweis bis 10 Joer am Keller leiebleiwen.

9. Château Joanna, Bordeaux Côtes de Bourg : Merlot, Cabernet Sauvignon an Cabernet Franc . Een extrem doucen Bordeaux mat ganz vill Fruucht, ouni Ecken a Kanten . De Beweis dass gudde Bordeaux net onbedengt deier muss sinn.

10. Grenache Vieilles Vignes vun La Bastide Saint Dominique : 100 % Grenache aus 40 Joer aale Wengerten. Onkompliziéiert an easydrinking . Ee würzege Wäin mat Aromen vun Herbes de Provence an Schwarzbier . Ideal beim Grillen .

11. Vina Romita Rioja reserva 2016 . Rioja Wäiner sinn extrem lang haltbar . Hei ass een modernt awer typescht Rioja Exemplar. Tempranillo, Garnacha an Graciano Drauwen aus 60 Joer aale Wengerten . Hält lang de Goût am Mond , am Ufank agreablen Holztoun an duerno Fruchtaromen vun Cassis, Lakritz an Schwarzbier.

12. Caiaffa , Vibrans . Dëse Wengchen ass aus Apulien . 100 % Nero di Troia Drauwen, eng einheimesch Sort a vill manner bekannt wie den Primitivo. Een erfrëschende roude Wäin deen e besse schei ass, mee bei der zweeter Schlupp awer schons vill ze zielen huet.

13. Conte Villa Prandone , Marinus : Hei sin mir an de Marchen. Rosso Piceno Superiore ass eng kleng Appellatioun mat Montepulciano an Sangiovese Drauwen . Trotzdem ass et keen typesch italienesche Wäin, mee éischter een internationale Style.

14. Anzivino Gattinara : Hei sin mir am Norden vum Piemont teschent Turin a Mailand. Eng vun den eelsten Appelatiounen aus Italien. 100 % Nebbiolo Drauwen, sou wie am Barolo an sou ähnlech schmaacht dëse Wäin och . Burgundy Style . Drechen , dënn Faarw, awer vill Power an och nach vill Alterungspotenzial.

15. Todini, Nero della Cervara . Hei si mir an Umbrien , ee sougenannten „ SuperUmbria“ aus Cabernet Sauvignon , Cabernet Franc an Merlot . Stark , kräfteg a masculin. Naischt fir Läppercher. !! Intensiv Aromen vun Tubak , zeidegem Uebst . Stock limité !!!! Hält nach weider 10 Joer .

Falls iech elo d’Waasser am Mond zesummeleeft an dir e puer vun deene Wäiner hei onbedéngt wëllt hunn , awer den 12. September keng Zeit fannt, da bestellt einfach per mail oder per Telefon :

info@rwr.lu 621 170 713 (Marc) .

Mir freeën eis op äre Besuch a wënschen vill Spaass beim schmaachen

# *Roud-Wäiss-Rosé asbl*

## *Dégustation 12 septembre 2024.*

## *Bon de commande*

### *Les Crémants*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 1. | Winery Jeff Konsbrück, Ahn | Kinnekskummer | | 12,50€ ...............bt. |
| 2. | Caves Legill, Schengen | Riesling Brut | | 14,00€ ...............bt. |

### *Les vins blancs*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 3. | Dom. Kohll-Leuck , Ehnen | Auxerrois Ehnerberg | 2023 | 10,30€ ...............bt. |
| 4. | Caves Legill, Schengen | Pinot blanc Markusberg | 2022 | 12,00€ ...............bt. |
| 5. | Winery Jeff Konsbrück, Ahn | Pinot Gris Palmberg | 2023 | 12,50€ ...............bt. |
| 6. | Dom. Kohll-Leuck , Ehnen | Pinot Gris Rousemen | 2023 | 13,40€ ...............bt. |
| 7. | A. Zimmermann,Autstria Kremstal | Grüner Veltliner Gebling | 2022 | 12,95€ ...............bt. |
| 8. | A. Zimmermann,Autstria Kremstal | Grüner Veltliner Rosshimmel | 2022 | 15,95€ ...............bt. |

### *Les vins rouges*

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| 9. | Château Joanna , Bordeaux | Côtes de Bourg | 2020 | 9,30€ ...............bt. |
| 10. | Bastide St Dominique, Rhône | Grenache Vieilles Vignes | 2021 | 9,70€ ...............bt. |
| 11. | Bodegas Aradon , Rioja | Vina Romita reserva | 2016 | 15,95€ ...............bt. |
| 12. | Vini Caiaffa , Pouilles | Vibrans , Nero di Troia | 2019 | 14,00€ ...............bt. |
| 13. | Conte Villa Prandone , Marche | Marinus , Piceno superiore | 2019 | 18,00€ ...............bt. |
| 14. | Anzivino , Gattinara | DOCG Gattinara | 2019 | 20,00€ ...............bt. |
| 15. | Cantina Todini, Umbria | Nero Della Cervara | 2015 | 20,00€ ...............bt. |

commandes seulement par caisses entières de 6 bouteilles svp.

☐ sera enlevé

☐ à livrer svp

signature:

Nom et adresse........................................................................................................................................

..................................................................................................................................................

mail: ........................................................ gsm: ...............................................